GEMENG
JONGLËNSTER

Jonglënster, de 07. August 2024

# 8. Reunioun – Rapport

**06. August 2024 – Jugendhaus Jonglënster**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d’Présidence un d’Membere vun der Kommissioun

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapporte vun der 7.Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Seefekëschterennen

- RDV nächsten Dënschden um 14 Auer zu Déifferdeng
- De Schäfferot huet relativ vill Froe gestallt, dës kënne mir all beäntwerte respektiv verschidden Detailer ginn an der Réunion zu Déifferdeng opgrond vun hirer Erfarung ofgekläert.
- [redacted] preparéiert de komplette „Sécherheetsdossier“
- [redacted] freet bei engem Bauer no fir Botten ze kréien, falls et hei net klappt kann [redacted] bei engem Bauer nofroen deen hikënnt. Wichteg hei ass dass mir ee genauen Devis hunn dee mir dem Schäfferot kënne presentéieren.
- Am August Mount an Ufank September gëtt d'Seefekëscht vun der „Kommissioun/Gemeng“ gemaach. Ee grousse Merci u jiddereen deen hei eng Hand mat upäckt.
- [redacted] freet am Schäfferot ob si d'Käschte vun den Händschen an Helmer vun de véier kaftene Sets iwwerhuelen. Esou sinn dës komplett.
- D'Jugendhaus huet sech bereet erkläert de Service vum Gedrénksstand ze iwwerhuelen.

## 5) Bréif

- Mir hunn eng Demande fir ee Padel Terrain kritt. [redacted] hëlt do Kontakt op, a preparéiert eng Ebauche fir d'Kommissioun.

## 6) Beachvolleyball

- [redacted] war um LBO zu Esch a krut och vu verschiddene Jonker aus der Gemeng d'Iddi un d'Häerz geluecht fir ee Beachvolleyballturnéier ze organiséieren. De Moment gëtt et ee vun der Amicale vum CIS Jonglënster, dëse wier awer just fir Pompjeeën. Hei musse mir schrëftlech nofroen, ob dëst wierklech esou de Fall ass. Hei wier et och flott eng Kollaboratioun mam Volleyball ze maachen. Hei gëtt et säit neistem een zweete Veräin an der Gemeng, dëst muss gepréift ginn an ofgeschwat ginn. Esou kéinte mir een neit Event zu Beräicherung fir Sport, Spaass a Jonk an Al erméiglechen.

## 7) Sportleréirung

- Mir krute vum Sportschäffen d'Informatioun dass d'Sportleréierung dëst Joer net am Oktober statt fënnt, mee eréischt méi spéit am Joer.
- [redacted] an [redacted] froe bei Membere vun der „aler“ Kommissioun no, wat wéini genau gemaach ginn ass, a wéi d'Aarbecht tëscht der Gemeng an der Kommissioun opgedeelt ginn ass.

## 8) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 12.09.2024 | 18:30 | Gaston Stein | 9.Reunion |

## 9) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | |

Mat léiwe Gréiss
Mich Weber – Sekretär